MUDAM LUXEMBOURG
07.10.2017 – 08.04.2018

SU-MEI TSE
NESTED

PARTENAIRE DE L'EXPOSITION
BGL BNP PARIBAS
La banque d'un monde qui change

PARTENAIRE MÉDIA
Le Monde

L'EXPOSITION *SU-MEI TSE . NESTED* EST ORGANISÉE PAR MUDAM LUXEMBOURG ET LE AARGAUER KUNSTHAUS EN COLLABORATION AVEC LE YUZ MUSEUM SHANGHAI ET LE TAIPEI FINE ARTS MUSEUM.

L'ITINÉRANCE INTERNATIONALE DE L'EXPOSITION BÉNÉFICIE DU FINANCEMENT GÉNÉREUX DU FONDS CULTUREL NATIONAL, LUXEMBOURG, ET EST RÉALISÉE GRÂCE AU SOUTIEN MAJEUR DE CARGOLUX AIRLINES INTERNATIONAL.

Su-Mei Tse, *A Whole Universe (Pomegranate)*, 2017
Courtesy the artist and Edouard Malingue Gallery, Hong Kong
© Photo : Aurélien Mole / Mudam Luxembourg

Mudam Luxembourg
Musée d'Art Moderne Grand-Duc Jean

3, Park Dräi Eechelen
L-1499 Luxembourg

info@mudam.lu
www.mudam.lu

MUDAM LUXEMBOURG

Dezember 2017

THEMA VUM MOUNT:
KANDHEET

childbarra_svd via Foter.com - CC BY-NC-SA

radio 100,7

PROGRAMM

De Komponist
vum Mount:
Maurice Ravel

D'SchréftstellerInne
vum Mount:
Erich Kästner
Guy Rewenig
Marie-Aude Murail

Postkëscht 1833 L-1018 Lëtzebuerg Tel. 44 00 44 1 info@100komma7.lu www.100komma7.lu

Ëffentlech Table ronde vum radio 100,7 de 7. Dezember 2017 um 19:00 am Institut Pierre Werner

D'Gewënner vun de Literaturpräisser schaffen dëst Joer mat politeschem an historeschem Material. A Frankräich hu Romaner ëm d'Verbrieche vum Zweete Weltkrich d'Jurye vum *Prix Renaudot* a *Prix Goncourt* iwwerzeegt. D'Briten hunn en experimentelle Collage ëm den Abraham Lincoln mam *Man Booker Prize* belount. An den Däitsche Buchpräis krut de Robert Menasse fir eng Geschicht, déi Bréissel an d'Bürokratie zerleet. An de Literaturnobelpräis ass erëm un e Schrëftsteller gaangen ...

Och zu Lëtzebuerg si SchrëftstellerInnen an hir Wierker ausgezeechent ginn.

Et ass elo Zäit fir e klenge Bilan, a fir déi priméiert Bicher ze beschwätzen, d'Literaturevenementer ze zerplécken an d'Tendenzen am Business z'analyséieren. Am *LiteraturLabo* vum radio 100,7 diskutéieren de Ian de Toffoli, Chercheur op der Uni Lëtzebuerg, d'Nathalie Bender an d'Valerija Berdi vum radio 100,7.

De LiteraturLabo #7 ass eng ëffentlech Table ronde, de 7. Dezember um 19:00 Auer am Institut Pierre Werner. Den Entrée ass gratis. Reservéiert Är Plazen op events@100komma7.lu.

En Zesummeschnëtt vun der Diskussioun presentéiere mir op der Antenn vum radio 100,7 de 17. Dezember um 09:04 a 15:00.

INHALTSVERZEECHNES

Literaturlabo #7: Bilan 2
Klassik Live um radio 100,7: Mahler, Schostakowitsch, Strauß 3
Spezial-Programm Feierdeeg 4-6
Thema vum Mount Kandheet an nei Serie *Kanner am Bild* 7
SchrëftstellerInne vum Mount: Erich Kästner, Guy Rewenig, Marie-Aude Murail 8
Kandheet an der Klassik 9
Grille: Wat leeft wéini - de Programm- a Wocheniwwerbléck 10-11
De Komponist vum Mount: Maurice Ravel 13
D'Chrëschtdags-Selektioun vun der Equipe vum radio 100,7 15
Billjeeën ze gewannen 16
Réckbléck 2017 17
Coups de coeur 19

IMPRESSUM

Editeur: Etablissement de Radiodiffusion Socioculturelle, Etablissement Public
Oplo: 12.000; 10x am Joer gratis verschéckt vum:
radio 100,7 21a, av. J.F. Kennedy L-1855 Lëtzebuerg Postkëscht 1833 L-1018 Lëtzebuerg
Tel: 44 00 44-1 e-Mail: info@100komma7.lu
Grafik: Pat Wengler; Drock: rekaprint+
Programmännerunge si méiglech.

@100komma7
Like us on Facebook
www.100komma7.lu

EXKLUSIV

Mahler, Schostakowitsch a Strauß

Dräi Live-Iwwerdrounge vu klassesche Concerte proposéiert de radio 100,7 am Dezember an um Joresufank 2018. Mir huelen lech mat an d'Philharmonie um Kierchbierg, an d'Congresshalle zu Saarbrécken an an de Musikverein zu Wien.

Riccardo Muti

Den **1. Dezember 2017** féiert de Philharmoneschen Orchester Lëtzebuerg ënnert der Leedung vu sengem Chefdirigent Gustavo Gimeno dem Gustav Mahler seng monumental 2. Symphonie op. De radio 100,7 ass vun 20:00 Auer u live dobäi an der Philharmonie um Kierchbierg.

De Gustav Mahler war ee grousse Fan vum Walzerkinnek Johann Strauß. Säi volkstümlechen Toun, seng Walzer, Polkaen a Märsch haten dem Mahler et ugedoen. Et si Kläng, déi de bedeitende spéitromantesche Symphoniker ëmmer nees a sengen eegene Wierker gebraucht - och an der 2. Symphonie.

Den **10. Dezember 2017** iwwerdréit de radio 100,7 vun 11:00 Auer un dem Dmitri Schostakowitsch seng 5. Symphonie, eng batter-schaarf an ironesch musikalesch Reaktioun op déi politesch Ëmstänn an der stalinistescher Sowjetunioun. Dës Live-Opféierung aus der Congresshalle Saarbrécken gestalte mir an Zesummenaarbecht mam SR2 KulturRadio; et spillt d'Deutsche Radiophilharmonie Saarbrücken-Kaiserslautern.

Um Programm vun dësem Concert steet och de populäre Pianosconcerto vum Edvard Grieg mam Joseph Moog als Solist.

Den **1. Januar 2018** invitéiere mir mat de Wiener Philharmoniker op hiren traditionellen Neijoerschconcert, dee mir en direct iwwerdroen, fir mat Schwong dat neit Joer unzefänken. Am Mëttelpunkt steet Musek vun der Strauß-Dynastie. Als Dirigent hunn d'Wiener Philharmoniker de Riccardo Muti invitéiert, den aktuelle Chef vum Chicago Symphony Orchestra. Eis Live-Iwwerdroung aus dem Wiener Musikverein fänkt um 11:00 Auer un.

1.12.2017 um 20:00: Gustav Mahler, 2. Symphonie.
Live aus der Philharmonie Lëtzebuerg
10.12.2017 um 11:00: Dmitri Schostakowitsch, 5. Symphonie.
Live aus der Congresshalle Saarbrécken
1.1.2018 um 11:00: Neijoerschconcert live aus dem Wiener Musikverein

Klassik ronderëm Chrëschtdag: Carols, Concerto di Natale a Chéier

Mat Carols, also urspréngleche Danzmelodien, begleet de radio 100,7 Iech op Chrëschtdag an op Stiefesdag. Aus den alen Dänz sinn am Laf vun de Joerhonnerte feierlech Lidder ginn, vun deenen haut besonnesch d'Christmas Carols enorm populär sinn.

Den Ufank mécht op **Chrëschtdag** de Schwedesche Radios-Chouer mat Wierker aus der englescher Literatur queesch duerch d'Joerhonnerten - vum Christopher Gibbons iwwert den Henry Purcell bis bei de Ralph Vaughn Williams an de Sir John Tavener. **Concert um 10:04**. Am **Mëttesconcert um 12:30** séngt den exzellente Mormon Tabernacle Choir.

Op **Stiefesdag, de 26.12.**, séngt de Kannerchouer vu Radio France Carols vun der Imogen Holst, *Rejoice the Lamb* vum Benjamin Britten an och Wierker vum Gabriel Fauré. **Concert um 10:04**.

Italienesch Chrëschtdagsstëmmung gëtt et am **Mëttesconcert um 12:30** mat der grousser symphonescher Fresque *Il trittico botticelliano* vum Ottorino Respighi an de barocke Festkläng am *Concerto grosso fatto per la Notte di Natale* vum Arcangelo Corelli.

Blues fir ënnert de Beemchen

E puer grouss Nimm vum Genre, wéi B.B. King, Joe Bonamassa a Clarence Gatemouth Brown, eng etlech Newcomer mat Bridgeport Blues, Bryan Haworth a Mocassin Creek, den Charles Brown an d'Jill Taylor, däerfen eng musikalesch Dierchen opmaache fir méi Jazzeges, och steet en Ausfluch an de Süde vun de States un, wou d'Marcia Ball an den David Gogo Bayou Christmas feieren: eise Bluescocktail viru Chrëschtdag léisst déi dacks gespillte Klassiker gréisstendeels op der Säit, a bitt dofir eng Rei interessant Interpreten a Melodien un. Dorënner och där, wou de Santa net onbedéngt dem Klischee vum léiwe Kannerfrënd entsprécht, mä och no Feierowend a vollbruechter Aarbecht e gefrote Mann ass … **Den 19.12. um 20:00**.

Montreux Jazz Festival 2017

De Festival an der Schwäiz dréit wuel zënter 1967 den Numm Montreux Jazz Festival, allerdéngs geet de Programm mëttlerweil wäit iwwer den Jazz eraus. Längst ginn och Rock, Blues, Rhythm 'n' Blues, Soul, Funk, Electro a méi während zwou Woche programméiert.

Mir presentéieren **de 26.12. um 20:00** Live-Opname vun der Editioun 2017: Concertsausschnëtter, déi eis vun der European Broadcasting Union zur Dispositioun gestallt goufen. An et ass och bei eis net nëmmen Jazz, och mir droen an eiser Auswiel der breeder Palett vum Festival Rechnung. Mat derbäi sinn: Till Brönner Septett, George Benson, Sarah McKenzie, Ry X, Chilly Gonzales, Michael Kiwanuka a Morcheeba / Skye Edwards.

Jonk sinn. Al ginn. Wat d'Zäit ass.

E Gedanke-Spill fir 4 Stëmme vum Mars Klein

Wéini géif d'Emissioun besser passe wéi am Dezember, wou de Sujet vum Mount d'Kandheet ass? Wat fir een Dag wär besser, wéi de 25. Dezember, wou d'Chrëschten als héicht Fest d'Gebuert vum Jesus feieren - d'Nativitéit, d'Maternitéit, den Ufank vum Liewen.

Jonk sinn, *al* ginn. Oder: Jonk *sinn*, al *ginn*. D'Liewen ass permanent Transformatioun a Changement. D'Zäit leeft erof, wéi de Sand an der Sandauer - eent vun den éiwege Symboler op de Biller vum Barock. Carpe diem - notz deng Zäit, well si ass gezielt. Memento mori - datt en Enn komme wäert, soll engem näischt ze fäerte ginn, awer och net ausdenkeg ginn.

Wéi sot de Wilhelm Busch esou schéi flappseg: *Die Zeit eilt im Sauseschritt - und wir eilen mit!* De Bou ass gespaant vu frëschem Schwong a jonker Euphorie, bis zu der schéiner roueger Erënnerung. Mat lëtzebuergeschem, däitschem a franséischem Text aus der Bibel, vu Goethe, Heine, Tucholsky, Hesse, Brecht (a munch aneren), mat Lidder a Songe vu Schubert, Orff, Weill, Brel, Ferré (an aneren) an dertëscht gestreete Reflexioune gëtt e Gedankespill fir véier Stëmmen an Zeen gesat. Dräi jonk Leit aus der Diktiouns-Klass vum Stater Conservatoire liese mam Auteur.

Den **éischten Deel** (vun der Gebuert iwwer Kandheet a Jugend bis déi grouss Léift) sende mir op **Chrëschtdag**, den **zweeten Deel** (vun der "Welt-Erueweerung" an der Liewesmëtt bis d'Besënnlechkeet am Alter) leeft **de 26. Dezember, all Kéiers um 11:04 an um 18:30**.

DATUM	EMISSIOUN	THEMA
19.12.2017	**20:00 Black & White Blues**	Blues fir ënnert de Beemchen.
24.12.2017	**09:04 + 15:00 Mixtape**	Weihnachten ist das Fest der Liebe, der Familie, der Geschenke und der üppig gedeckten Tafeln. Die einen freut's, die anderen graut's. Um das religiöse Fest mit all seinen Highlights und Fallstricken drehen sich allerlei Geschichten und Gedichte. Eine Sendung von Angelika Thomé mit Songs und Texten rund ums Weihnachtsfest.
24.12.2017	**10:04 + 14:00 Klassikthema**	Wa Komponiste fir Kanner an iwwer Kanner schreiwen, entsti Meeschterwierker: *Childrens Corner* vum Debussy, *Danzas de Criancas* vum Villa-Lobos, *Dolly Suite* vum Fauré.
24.12.2017	**12:30 Classic in Concert**	Live-Matschnëtt vum Adventsconcert vun der Maîtrise vun der Kathedral Lëtzebuerg an dem Orchestre de Chambre du Luxembourg. Mat Wierker vu Gerald Finzi, Ralph Vaughan-Williams a Benjamin Britten.
24.12.2017	**16:00 New Cotton Club**	Chrëschtstandarden a Chrëschtsongs: verswingte Melodië mat Big Band oder méi klenge Formatiounen.
24.12.2017	**19:30 Singing Actors**	Knef, Dietrich, Schygulla: Dräi däitsch Actricen, déi och als Sängerinne konnten iwwerzeegen. Fir d'Hildegard Knef sollt et roud Rouse reenen; d'Marlene Dietrich war "von Kopf bis Fuss auf Liebe eingestellt". Och d'Hanna Schygulla koum iwwert de Film *Lili Marleen* vum Rainer Werner Fassbinder bei d'Musek.
24.12.2017	**20:00 Nei Musek am Concert**	Musek vum Philipp Glass.
25.12.2017	**09:04 + 14:00 Klassikthema**	Christmas around the World.
25.12.2017	**10:04 Concert**	Live-Matschnëtt mam Swedish Radio Chorus. Wierker vu Gibbons, Williams, Purcell.
25.12.2017	**11:04 + 18:30 Jonk sinn. Al ginn**	Texter iwwer dat, wat Zäit ass. Vun a mam Mars Klein. (1. Deel)
25.12.2017	**12:30 Mëttesconcert**	De Philadelphia Orchestra an de Mormon Tabernacle Choir. Klassik passend zu Chrëschtdag.
25.12.2017	**21:00 Jazz Unlimited**	Eng Live-Opnam vun engem Concert vu Voice Trek, mat verswingten Jazz-Klassiker.
26.12.2017	**10:04 Concert**	Live-Matschnëtt mam Kannerchouer vu Radio France. Traditional Carols, Wierker vu Fauré a Britten.
26.12.2017	**11:04 + 18:30 Jonk sinn. Al ginn**	Texter iwwer dat, wat Zäit ass. Vun a mam Mars Klein. (2. Deel)
26.12.2017	**12:30 Mëttesconcert**	Live-Matschnëtt mam Radio Symphonie-Orchester Frankfurt. O. Respighi: *Trittico botticelliano*; A. Corelli: *Concerto grosso fatto per la notte di Natale*.
26.12.2017	**20:00 In Concert**	Eng Selektioun vu Live-Opnamen vum Montreux Jazz Festival 2017.
1.1.2018	**11:00 Concert**	Live-Transmissioun vum Neijoerschconcert aus dem Wiener Musikverein.

Kandheet

An eisen Emissiounen zum Thema vum Mount huele mir am Dezember d'Kandheet mat hire ville Facetten ënner d'Lupp: de Mythos vun engem protegéierte Liewensofschnëtt; d'Kandheet als eppes, wat extra ass a wat sech verännert - a wat vläicht um Verschwannen ass, wéi de Neil Postman an den 1980er Jore postuléiert huet.

Kandheet kann ënner Ëmstänn ganz schéin ustrengend sinn. Si Kanner haut Mini-Erwuessener? E Wirtschaftsfaktor, dee sengesgläiche sicht?

D'Schoul: fir d'Elteren en Investissement, fir d'Kanner, eng zimlech onduerchsiichteg Perspektiv. Egal wéi: mir hu souwisou net genuch Kanner (an Immigranten), fir datt eise Pensiounssystem op laang Siicht weider kënnt funktionéiere wéi elo.

Kandheet an der Gesellschaft; Virbiller a role models, där Gudder an där méi Ëmstriddener: Dëst si Sujeten, déi mir opgräifen.

All Samschdeg a freides, 22.12. um 09:40

Kanner am Bild

A senger Feuilleton-Serie beschreift de Christian Mosar den Ëmgank mat deem ganz eegene Sujet vun der Fotografie vun a mat Kanner.

Tëschent Onschold an Tabu sinn d'Grenzen net ëmmer esou däitlech, wéi een dat kéint mengen.

2.12. Dem Lewis Carrol seng Alice-Fotografien
2015 war den 150. Gebuertsdag vun där éischter Editioun vum Lewis Carrol sengem *Alice's Adventures in Wonderland*. D'Feier war awer gestéiert duerch eng Fotografie mam Titel *Lewis Carrol Kissing Alice Liddell*. Eng Opnam, déi alles anescht wéi onschëlleg wierkt.

9.12."Présumés innocents"
Am Joer 2000 hat eng Asbl eng Plainte géint d'Organisateure vun der Ausstellung *Présumés innocents* zu Bordeaux gemaach. Ënnert de Wierker sollten Aarbechte mat "pedopornografeschem" Charakter sinn.

16.12. Dem Will McBride säi Bild-Band *Zeig mal*
1974 huet den amerikanesche Fotograf Will McBride säi Bildband *Zeig mal* publizéiert. Dëst Opklärungsbuch fir a mat Fotografië vu klenge Kanner gouf awer besonnesch an den 90er Jore ganz kritesch hannerfrot.

22.12. Kanner als Helden: Rezent Filmer wéi *IT* a Serië wéi *Stranger Things*
An den 1980er Jore gouf et Filmer, an deene Kanner an Teenager déi nei Helde waren. Zënter e puer Méint schéngt et e Comeback vun deem Trend ze ginn, an et kann ee Kanner erliewen, déi dat fäerdeg bréngen, wat déi Erwuessen net méi amstand sinn.

23.12. Biller géint Kanner-Aarbecht: Dem Lewis Hine seng Fotoen a Minnen a Fabricken
1908 war de Lewis Hine, deemools Soziolog a Professer, vum National Child Labor Comitee engagéiert ginn, fir d'Kanneraarbecht an de Kottengsfelder a Kueleminne vun den USA ze dokumentéieren. Seng Fotografien hunn 8 Joer duerno zu den éischte Gesetzer gefouert, déi dës Kanneraarbecht verbueden hunn.

30.12. Kanner an den Ausstellunge *Family of Man* a *Bitter Years*
Am Edward Steichen sengen zwou grousse Fotosausstellunge sinn d'Biller vu Kanner en zentraalt Element vum Mënschebild, dat den amerikanesche Fotograf vermëttele wollt. Vu Roserei iwwert Freed bis zu Verzweiwlung an Hoffnung huet de Steichen eng dramatesch Duerstellung vun der Kandheet gemaach.

SchrëftstellerInne vum Mount Dezember Méindes um 11:10

Kästner, Rewenig, Murail

Orbis pictus – d'sichtbar Welt – gëllt als dat éischt kannergerecht Buch, dat publizéiert gouf. Den illustréierte Lexikon hat den tschechesche Philosoph an Theolog Jan Amos Komensky 1658 publizéiert, an d'Wierk gouf zweesproocheg, op Latäin an Däitsch, joerzéngtelaang als Schoulbuch benotzt.

Haut ginn et Millioune vu Kanner- a Jugendbicher. Tëscht dem moraliséierenden an erzéiereschen Optrag op der enger Säit an der Demande no rengen Abenteuergeschichten op der anerer Säit, ass et zënter de 70er Joren zu engem Paradigmewiessel komm. D'Kanner an déi Jugendlech ginn als e wichtegen Deel vun der Gesellschaft wouer geholl an et gëtt versicht, hir Perceptiounen, grad wéi hir Suergen a Wënsch an der Literatur mat Empathie ze verschaffen.

Dräi Kannerbuch-Auteure sinn eis SchrëftstellerInne vum Mount Dezember: Erich Kästner, Guy Rewenig a Marie-Aude Murail. Si verdäitlechen, wéi sech d'Kanner- an d'Jugendliteratur vum leschte Joerhonnert bis haut entwéckelt huet. D'Valerija Berdi mat Hannergrënn.

Erich Kästner

© wikipedia

4.12. Erich Kästner (1899-1974)

"Erst bei den Enkeln ist man dann so weit, dass man die Kinder ungefähr verstehen kann."

Den Erich Kästner huet Kannerliteratur op eng erfrëschend Manéier moderniséiert. Seng jonk Protagoniste beweegen sech an engem gesellschaftlechen Ëmfeld, dat si demaskéieren. *Emil und die Detektive, Pünktchen und Anton, Das doppelte Lottchen*, ... Bicher, déi keng Märercher sinn, dofir awer ëm sou méi bezauberen.

Guy Rewenig

© Pierre Matgé

11.12 Guy Rewenig (1947)

"Eng Méck als Frëndin? Dat ass gelunn."

Muschkilusch an *Zebra Tscherri, Schallümmo* a *Libella Bitsch*. Eng ganz Generatioun vu Kanner zu Lëtzebuerg ass mat de beréirenden, witzegen an onkonventionelle Geschichten opgewuess. De Guy Rewenig huet déi traditionell Kannerliteratur opgewullt an ass mat vill Humor un all déi Themen erugaangen, déi kleng a grouss Kanner beschäftegen.

Marie-Aude Murail

© wikipedia

18.12 Marie-Aude Murail (1954)

" J'ai besoin des livres de jeunesse. Ils me donnent à profusion ce que les livres des grands cèdent si chichement : l'optimisme. "

Et si meeschtens Kanner a Jugendlecher um Bord vun der Gesellschaft, deenen déi franséisch Schrëftstellerin vill Plaz an hire Bicher gëtt. Kee Genre ass hir friem, an hir Jugendliteratur huet eng immens Diversitéit, hir Protagonisten hu ganz vill Identifikatiounspotential.

Dënschdes um 13:30 an 19:30 **Kandheet an der Klassik**

Kleng a Grouss

D'Musek ass en Domaine vun den Erwuessenen. Op d'mannst alles dat, wat iwwert den Hobbyberäich erausgeet. Mä ass dat wierklech esou?

An der Musek hunn och Kanner Grousses vollbruecht. "Wonnerkanner", wéi de Wolfgang Amadeus Mozart oder den David Garrett hunn dat gewisen. Esou Wonnerkanner an hir Succèse geroden och alt nees an de Vergiess. Wie waren déi grouss musikalesch Wonnerkanner? Wéi eng Kompositioune sinn am Kanneralter entstanen? Wien ass an der Versenkung verschwonnen? A wéi eng Roll spille Kanner an de Wierker vu grousse Komponisten?

An der Emissioun *Kandheet an der Klassik* sicht de Luc Boentges no Äntwerten a kuckt op d'Roll vu Kanner an der klassescher Musek.

5.12. Musikalesch Wonnerkanner deemools
Als grouss Komponiste sinn de Wolfgang Amadeus Mozart an de Felix Mendelssohn Bartholdy an d'Geschicht agaangen. Mir kenne wuel d'Geschicht vun dëse Wonnerkanner. Mä dacks kenne mir just déi grouss Wierker aus dem Erwuessenenalter vun dëse Komponisten.

Anne-Sophie Mutter

12.12. Musikalesch Wonnerkanner haut
Vanessa Mae, Lang Lang an Anne-Sophie Mutter: Dräi Museker, déi schonn als Kand op sech opmierksam gemaach hunn an och am Erwuessenenalter hir Carrière als Museker ausgebaut hunn. Wéi hunn hir éischt Joren ausgesinn? Gouf et och Wonnerkanner, deenen eng grouss Zukunft virausgesot gouf, déi spéider awer an de Vergiess gerode sinn?

Wolfgang Amadeus Mozart

© wikimedia

19.12. Kindertotenlieder – Komponisten traueren
Dacks gëtt gesot, datt et dat Schlëmmst fir e Mënsch ass, wann e seng Kanner verléiert. Wéi si Komponisten domat ëmgaangen? An a wéi enge Wierker spigelt sech dës Situatioun?

26.12. Kannerchéier
Hir Wuerzele ginn zréck bis an d'Mëttelalter: Well et de Frae verbuede war an der Kierch ze sangen, d'Komponisten awer net op hell Stëmme wollte verzichten, hu si op Kanner zréckgegraff. Spéider goufe Kannerchéier och a weltleche Wierker genotzt.

radio 100,7 Wocheniwwerbléck Dezember 2017

	MÉINDEG	DËNSCHDEG	MËTTWOCH	DONNESCHDEG	FREIDEG	SAMSCHDEG	SONNDEG	
	NUETSPROGRAMM	NUETSPROGRAMM	NUETSPROGRAMM	NUETSPROGRAMM	NUETSPROGRAMM	NUETSPROGRAMM	NUETSPROGRAMM	
06:00 - 09:00	**VIRUM DAG**	**VIRUM DAG**	**VIRUM DAG**	**VIRUM DAG**	**VIRUM DAG**			
06:00 + 06:30	Noriichten	Noriichten	Noriichten	Noriichten	Noriichten			
07:00	**Panorama**	**Panorama**	**Panorama**	**Panorama**	**Panorama**	**VIRUM DAG**		07:00
						Noriichten		
07:15 + 07:20	Presserevue / Dossier vum Dag	Presserevue / Europa Aktuell	Presserevue / Dossier vum Dag	Presserevue / Europa Aktuell	Presserevue / Dossier vum Dag	Nationale Wochespigel		
07:30 + 07:32	Noriichten / Invité vum Dag	Noriichten / Invité vum Dag	Noriichten / Invité vum Dag	Noriichten / Invité vum Dag	Noriichten / Invité vum Dag	Noriichten	**MUSICA SACRA**	07:30
07:50	Kultur	Kultur	Kultur	Kultur	Kultur	Meldung		
08:00	**Panorama**	**Panorama**	**Panorama**	**Panorama**	**Panorama**	**Panorama**	Noriichten	08:00
08:15 + 08:20	Presserevue / Dossier vum Dag (R)	Presserevue / Europa Aktuell (R)	Presserevue / Dossier vum Dag (R)	Presserevue / Europa Aktuell (R)	Presserevue / Dossier vum Dag (R)	Presserevue / Nat. Wochespiggel (R)	**EARLY BIRD**	08:04
08:30	Noriichten	Noriichten	Noriichten	Noriichten	Noriichten	Noriichten		
08:35	Kultur	Kultur	Kultur	Kultur	Kultur	Kultur		
08:50	**Auslandschronik**	**Fräie Mikro**	**Medien- / Kulturchronik**	**Fräie Mikro**	**Wirtschaftschronik**	Programmhiweis: RIICHT ERAUS		
09:00	Noriichten	Noriichten	Noriichten	Noriichten	Noriichten	**Panorama**	Noriichten	09:00
09:04 - 12:00	**MOIES-MAGAZIN**	**MOIES-MAGAZIN**	**MOIES-MAGAZIN**	**MOIES-MAGAZIN**	**MOIES-MAGAZIN**	**MOIES-MAGAZIN**	**Konferenzen / LiteraturLabo / Mixtape**	09:04
09:20	**Land a Leit**	**Gesondheet a Soziales**	**Feature**	**Economicus**	**Technologie a Wëssenschaft / Café Scientifique**	**Check up**		
09:40	**Ee Mount, een Thema**	**Prisma**	**Déi gutt Kannerstuff**	**ZäithistorikerIn**	**Ich schoppe, also bin ich / Kulturen am Zäitvergläich**	**Kanner am Bild**		
10:00	Noriichten	Noriichten	Noriichten	Noriichten	Noriichten	Noriichten	Noriichten	10:00
10:15	Classic Moment	Classic Moment	Classic Moment	Classic Moment	Classic Moment	Classic Moment	**Museker am Gespréich / Musikalesch Visittekaart / Klassikthema**	10:04
10:30	**Invité**	**Invité**	**Invité**	**Invité**	**Invité**	**Invité**		
11:00	Noriichten	Noriichten	Noriichten	Noriichten	Noriichten	Noriichten	Noriichten	11:00
11:10	**SchréftstellerIn vum Mount**	**Séier lafen oder schwéier schaffen**	**KomponistIn vum Mount**	**Kommunikatioun a Medien**	**Ich shoppe, also bin ich / Megalopolis**	**Lëtzebuerger Filmaktualitéit**	**RIICHT ERAUS**	11:04
11:30	Kultur	Kultur	Kultur	Kultur	Grousse Kino	Kultur		
12:00	**Panorama**	**Panorama**	**Panorama**	**Panorama**	**Panorama**	**Panorama**	**Panorama**	12:00
12:12 - 13:30	**IWWER MËTTEG**	**IWWER MËTTEG**	**IWWER MËTTEG**	**IWWER MËTTEG**	**IWWER MËTTEG**	**ESPRESSO BEATS** E musikalesche Biz		
12:15	**Auslandschronik** (R)	**Fräie Mikro** (R)	**Medien- / Kulturchronik** (R)	**Fräie Mikro** (R)	**Wirtschaftschronik** (R)			
12:22	Aktuelles	Aktuelles	Aktuelles	Aktuelles	Aktuelles			
12:30	Noriichten	Noriichten	Noriichten	Noriichten	Noriichten		**Classic in Concert** Apéro OPL - Conservatoire Esch + LIVE Festivals	12:30
12:35 + 12:50	Kultur	Kultur	Kultur	Kultur	Kultur			
13:00	Noriichten	Noriichten	Noriichten	Noriichten	Noriichten			
13:15	Kultur (R)	Kultur (R)	Kultur (R)	Kultur (R)	Kultur (R)			
13:30	**SEQUENZA**	**KANDHEET AN DER KLASSIK**	**KEY TO CLASSICS**	**HIDDEN JAZZ GEMS**	**DÉJÀ VU**	**TRENDSCHEIF**		13:30
14:00	**RESONANZEN** Live Klassik-Sendung	**RESONANZEN** Live Klassik-Sendung	**RESONANZEN** Live Klassik-Sendung	**RESONANZEN** Live Klassik-Sendung	**RESONANZEN** Live Klassik-Sendung	**TAKTLOS**	**Museker am Gespréich / Musikalesch Visittekaart / Klassikthema** (R)	14:00
15:00	**SPEKTRUM**	**SPEKTRUM**	**SPEKTRUM**	**SPEKTRUM**	**SPEKTRUM**	**BACKSTAGE** (R)	Konferenzen / LiteraturLabo / Mixtape (R)	15:00
16:00	Noriichten	Noriichten	Noriichten	Noriichten	Noriichten	Noriichten	Noriichten	16:00
16:04 - 18:34	**ËNNERWEE**	**ËNNERWEE**	**ËNNERWEE**	**ËNNERWEE**	**ËNNERWEE**	**ROCKULTUR**	**NEW COTTON CLUB**	16:04
17:00	Noriichten	Noriichten	Noriichten	Noriichten	Noriichten	Noriichten	Noriichten	17:00
17:10	Aktuelles	Aktuelles	Aktuelles	Aktuelles	Aktuelles	**Jungle Boogie**	**GROOVE-Club**	17:04
17:30	Noriichten	Noriichten	Noriichten	Noriichten	Noriichten			
17:40	Kultur (R)	Kultur (R)	Kultur (R)	Kultur (R)	Kultur (R)			
18:00	**Panorama**	**Panorama**	**Panorama**	**Panorama**	**Panorama**	**Panorama**	**Panorama**	18:00
18:15	Haut um radio 100,7	Haut um radio 100,7	Haut um radio 100,7	Haut um radio 100,7	Haut um radio 100,7	Haut um radio 100,7		
18:30	Noriichten	Noriichten	Noriichten	Noriichten	Noriichten	**GENERATOR** Anescht Aktuell Allerhand	**RIICHT ERAUS** (R)	18:30
18:34	**TIME OUT**	**TIME OUT**	**TIME OUT**	**TIME OUT**	**TIME OUT**			
19:00	Noriichten	Noriichten	Noriichten	Noriichten	Noriichten			
19:04	**TIME OUT**	**TIME OUT**	**TIME OUT**	**TIME OUT**	**TIME OUT**			
19:30	**SEQUENZA** (R)	**KANDHEET AN DER KLASSIK** (R)	**KEY TO CLASSICS** (R)	**HIDDEN JAZZ GEM** (R)	**DÉJÀ VU** (R)	**TRENDSCHEIF** (R)	**Humanities Talk / Singing Actors / Land, Brout, Fridden / Voix d'Auteurs**	19:30
20:00	**BLUE NOTE**	**WORLD**	**Soirée Philharmonique** OCL - OPL - Euroradio - SEL	**Concert Euroradio** Oper - Symphonie - Kammermusek	**BACKSTAGE**	**SOUNDCHECK**	**Nei Musek am Concert** Symphonesch Musek	20:00
21:00	**JAZZ UNLIMITED**	**BLACK & WHITE BLUES**			**METAL MELTDOWN**	**E-LODIE**		21:00
22:00	**Panorama** (R)	**Panorama** (R)	**Panorama** (R)	**Panorama** (R)	**Panorama** (R)	**Panorama** (R)	**Panorama** (R)	22:00
22:12	**OWES-MAGAZIN**	**OWES-MAGAZIN**	**OWES-MAGAZIN**	**OWES-MAGAZIN**	**OWES-MAGAZIN**	**OWES-MAGAZIN**	**SOIRÉE PHILHARMONIQUE** (R) OCL - OPL - Euroradio - SEL	22:12
23:00	**CD-JAZZ**	**SYMPHONIC WINDS**	**BLUE NOTE** (R)	**WORLD** (R)	**SOUNDCHECK** (R)	**ROCKULTUR** (R)		
00:00	**NEW COTTON CLUB** (R)	**TAKTLOS** (R)	**JAZZ UNLIMITED** (R)	**BLACK & WHITE BLUES** (R)	**E-LODIE** (R)	**METAL MELTDOWN** (R)	**GROOVE CLUB** (R)	00:12
01:00	**Notturno**	**Notturno**	**Notturno**	**Notturno**	**Notturno**	**Notturno**	**Notturno**	01:12

Mëttwochs um 11:10

De Komponist vum Mount

Maurice Ravel (1875-1937)

Maurice Ravel

"La musique est ma seule maîtresse", sot de Maurice Ravel, en agefleeschte Jonggesell. De Komponist war een Dandy, deen den Damme gär de Kapp verdréint huet, awer ze vill schei war, fir sech op eng fest Relatioun anzeloossen. Schold dru war sécher och säi verspillten a munnechmol kannerege Charakter.

Musikalesch war de Ravel op fir all Neies - hie wollt esouguer beim George Gershwin Jazz studéieren. Grad esou gären huet de Komponist sech awer och op déi al Meeschter referéiert. Esou entsteet e Wierk, dat engersäits konsequent nei Téin uschléit, anerersäits awer och grousse Respekt virum Vergaangene weist. Hei ënnerscheet de Ravel sech radikal vu sengem musikalescher Architektur, iwwerdeems den Debussy vrun allem déi richteg Stëmmung sicht.

Grad de perfekten Ëmgang mam Orchester, déi akribesch Aarbecht mam musikalesche Material a seng Referenzen op déi al Meeschter hunn dem Ravel seng Musek zu engem Dauergaascht op de Concertsaffichë gemaach. Si maachen de Maurice Ravel zu engem Komponist vun haut, och 80 Joer no sengem Doud.

6.12. Meeschterhaften Orchestrateur: *Tableaux d'une exposition*
13.12. Déi spuenesch Wuerzelen: *Rhapsodie espagnole*
20.12. D'Kand am Komponist: *L'enfant et le sortilège*
27.12. Fangerübung a Klassikhit: de *Boléro*



D'Chrëschtdags-Selektioun vun der Equipe vum radio 100,7

Zum Joresenn presentéiere Mataarbechter vum radio 100,7 hir Top-Tippen a Coups de Coeuren aus Bicher an Disken, mat deene si 2017 konfrontéiert waren. Eng selektiv Retrospektiv – a vläicht eng Inspiratioun, fir deen, deen elo nach no Kaddos-Iddie sicht.

Bicher vum Joer

De Buchtipp vum Joer presentéiere mir tëscht dem 20. November an dem 15. Dezember 2017.

Fiktioun

27.11. um 07:50 an 12.50
Die Hauptstadt vum Robert Menasse
Däitsche Buchpräis 2017. Suhrkamp (2017)

30.11. um 07:50 an 12.50
Thyll vum Daniel Kehlmann
Rowohlt (2017)

5.12. um 08:35 an 11:30
Souvenirs dormants vum Patrick Mondiano
Gallimard (2017)

12.12. um 08:35 an 11:30
Marx et la poupée vum Maijam Madjidii
Le nouvel Attila (2017)

Gesellschaftsthemen

4.12. um 07:50 an 12:50
Erkenne dich selbst vum Richard David Precht
Goldmann (2017)

14.12. um 08:35 an 11:30
Das blindgeweinte Jahrhundert
vum Marcel Beyer
Suhrkamp (2017)

Kanner- a Jugendbicher

29.11. um 08:35 an 11:30
Le jour où je suis devenu un oiseau
d'Ingrid Chabbert et Raùl Guridi
Gallimard (2017)

2.12. um 08:35 an 11:30
Les petites reines de Clémentine Beauvais
Sarbacane (2015)

8.12. um 08:35 an 11:30
Wir fliegen, wenn wir fallen von Ava Reed
Ueberreuter Verlag (2017)

11.12 um 07:50 an 12:50
Die Reise nach Ägypten
von Hermann Schulz und Tobias Kreitschj
dtv Verlag. (2016)

Nouten, déi eis dëst Joer gefall hunn

Déi dräi éischt Samschdegmëtteger am Dezember presentéiere mir an der Emissioun *Espresso Beats* Kaddos-Musek fir d'Feierdeeg - a vläicht ass jo deen een oder aneren Album derbäi, deem de faarwege Pabeier an e Putsch ronderëm gutt zu Gesiicht stinn!

Rendez-vous den 2., 9. a 16. Dezember, all Kéiers tëscht 12:12 an 13:30 Auer.

CDen

En Studio Gianmaria Testa
Wann et méi roueg soll sinn: de rezente Coffret vum italienesche Singer/Songwriter. E vereent 7 Albume vum Liddermécher, déi hien tëscht 1995 an 2011 opgeholl huet. Gefiller an Alldagsgeschichten an Nouten an a Wierder verpaakt.
Le Chant du Monde (Harmonia Mundi).

Trio Da Kali

Ladilakan Kronos Quartet an Trio Da Kali
Wann et méi speziell däerf sinn: Ladilakan, e gemeinsamen Album vum klassesche Kronos Quartet mam Trio Da Kali, dat si westafrikanesch Museker ronderëm d'Sängerin Hawa Diabaté. San Francisco trëfft op Bamako, kéint een dëse gewote Spagat tëscht engem klassesche Sträicherquartet an traditionellen Téin aus dem Mali resuméieren.
World Circuit Records.

PHILHARMONIE

Grands rendez-vous

Freideg 1.12.2017 20:00

Orchestre Philharmonique du Luxembourg
Gustavo Gimeno Direktioun
Netherlands Radio Choir
Miah Persson Sopran
Anna Larsson Mezzo-Sopran

Gustavo Gimeno


Miah Persson

Grandes voix

Dënschdeg 5.12.2017 20:00

Ludwig orchestra
Barbara Hannigan Soprano, Direktioun

Barbara Hannigan

Fest- & Bienfaisance-Concerten

Mëttwoch 19.12.2017 19:00

«Chrëschtconcert»
Orchestre Philharmonique du Luxembourg
Maîtrise de Radio France
Maîtrise Notre-Dame de Paris
Sofi Jeannin, Pierre Cao Direktioun

Schéckt eis eng e-Mail mam gewënschte Concert op
philharmonie@100komma7.lu oder rufft un um **44 00 44 800**
D'Gewënner ginn ausgeloust.

Billjeeën ze gewannen!

Zwee Entrées-Billjeeën ze gewannen

Der Nussknacker

Bolshoi Live
Der Nussknacker
17.12. um 16:00 am Utopia

National Theater Live
The Young Marx
7.12. um 20:00 am Utopia

Schéckt eis eng e-Mail mat der gewënschter Virstellung op **kino@100komma7.lu**
D'Gewënner ginn ausgeloust.

Réckbléck op d'Museksaktualitéit zu Lëtzebuerg

Resonanzen vum 4. Dezember un **Klassik: Vu Bach bis Bruckner**

D'Lëtzebuerger Interpreten a Komponisten hunn 2017 attraktiv CD-Produktiounen eraus-bruecht. D'Frënn vun der Pianosmusek hunn ee breede Choix: de Jean Muller mat de *Goldberg-Variatioune* vum Bach; d'Cathy Krier, déi Debussy a Szymanowski spillt; de Romain Nosbaum huet *Encores* opgeholl oder nei Wierker fir Piano vun der Tatsiana Zelianko an der Albena Petrovic. D'Pianistin Sabine Weyer war direkt zweemol am Studio mat Concerti vu Bach a Mendelssohn an der fuschneier CD *Bach to the future*.

Nei Produktiounen gëtt et och mam Philharmoneschen Orchester Lëtzebuerg, dee seng éischt Disquë mam Gustavo Gimeno enregistréiert huet: Symphonië vu Bruckner a Schostakowitsch a Kompositioune vum Ravel.

Vill Musek, déi d'Feierdeeg verschéinere kann an déi mir vum 4. Dezember un ëmmer mëttes um 14:00 am Magazin *Resonanzen* presentéieren.

Blue Note den 18. Dezember **2017 am Jazz**

2017 war e produktiivt Jazz-Joer zu Lëtzebuerg. Nei CD-Produktioune koume vun Dock in Absolute, Ernie Hammes, Jeff Herr, Greg Lamy an enger Serie vun anere Museker. An der Emissioun *Blue Note* mécht de Manuel Ribeiro den 18. Dezember um 20:00 e Réckbléck op d'Joer an der Lëtzebuerger Jazz-CD-Welt.

Backstage den 29. Dezember **Rock- a Popzeen a Beweegung**

D'Rock- a Popzeen zu Lëtzebuerg war 2017 a Beweegung. Vill Musekerinnen a Museker konnten hir Carrière weiderentwéckelen. Dorënner d'Indie-Rock Gruppen Autumn Sweater an TUYS oder den R&B-Sänger Edsun.

2017 goufen och eng Rëtsch interessant nei Projeten an d'Liewe geruff. Ervirzehiewe sinn *Drops and Points* vum Pascal Schumacher, dem Mutiny on the Bounty-Batteur Sacha Hanlet säi Pop-Projet *Them Lights*, den Techno- an Elektronika Produzent Ryvage oder d'Jazz-Band klein. An der Emissioun *Backstage* maache mir den 29. Dezember 2017 um 20:00 e Réckbléck.

Réckbléck an Ausbléck op d'Aktualitéit

Riicht eraus de 24. an 31. Dezember

Wéi eng Evenementer hunn d'Joer 2017 zu Lëtzebuerg an an der Welt markéiert? An der Emissioun *Riicht eraus* de 24.12. (11:04 bis 12:00) mécht d'Redaktioun de Réckbléck op ë. a. d'Gemengewahle vun Oktober 2017, d'Diskussioun iwwert den (ekonomesche) Wuesstem zu Lëtzebuerg, d'Presidence Donald Trump, d'Wahlresultater a Frankräich an an Däitschland.

An de leschte Woche vun 2017 kucke mir och op déi markant Kultur-Evenementer vum Joer zréck, dorënner d'Kandidatur vun Esch fir Kulturhaaptstad am Joer 2022 ze ginn, an d'Nomi-natioun vun enger neier Direktioun am Mudam. Donieft maache mir de Bilan vun de grousse Festivallen, wéi de LuxFilmFestival oder d'Luxembourg Art Week.

An 2018 steet scho virun der Dier. Wéi eng Dossieren, nieft de Chamberwahle vun Oktober 2018, gi wichteg? A *Riicht eraus* vum 31.12. (11:04 bis 12:00) kucke mir op dat neit Joer.

Gagnez deux billets d'entrées, en nous envoyant un e-mail à kino@100komma7.lu avec le titre du film et votre adresse.
Les gagnants sont tirés au sort.

Suburbicon

Réalisateur: George Clooney
Interprètes: Matt Damon, Julianne Moore, Oscar Isaac

Policier, Drame, Comédie
Etats-Unis
106'

Suburbicon est une paisible petite ville résidentielle aux maisons abordables et aux pelouses impeccablement entretenues, l'endroit parfait pour une vie de famille. Durant l'été 1959, la famille Lodge semble vivre son rêve américain dans cette parcelle de paradis. Pourtant, sous cette apparente tranquillité, se cache une réalité faite de mensonge, de trahison, de duperie et de violence ... Bienvenue à Suburbicon.

Sortie le 6 décembre dans les salles du groupe Kinepolis

The Party

Réalisatrice: Sally Potter
Interprètes:
Kristin Scott Thomas, Timothy Spall, Patricia Clarkson, Bruno Ganz

Drame, Comédie
Royaume Uni
71'

Janet vient d'être nommée ministre de la santé, l'aboutissement de toute une carrière. Elle réunit avec son époux Bill quelques amis proches. Mais la fête prend un tournant inattendu, alors qu'une annonce faite par le mari de Janet mène à une série d'autres révélations. La soirée qui débutait au champagne change de cap ...

Sortie le 13 décembre dans les salles du groupe Kinepolis